PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Interieur weiderzeleeden.

Op d'Fro vum November 2020(n°3122) hunn d'Ministere fir Aarbecht an den ëffentlechen Déngscht bestätegt, dass an der Fonction publique d'Quot vu 5% vun den Aarbechter mat engem Statut handicapé respektéiert gëtt. Ee Respekt vu 5% an der Fonction publique bedeit awer net zwéngend, dass an all Gemeng dës 5% respektéiert ginn, esou wéi et den Artikel L562-3 vum Code du travail virgesäit.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn déi 5% an all Gemeng respektéiert?
   Falls nee, ëm wéi eng Gemengen handelt et sech heibäi a wéi vill Leit missten agestallt ginn, fir d'Quot z'erreechen?

2. Kann d'Ministesch opschlësselen, wéi vill Prozent vun den Aarbechter an all Gemeng mat engem Statut handicapé agestallt goufen?
   A ewéi enge Gemengen schaffen, prozentual gesinn, déi meeschte Leit mat engem Statut handicapé?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député